Lëtzebuerger
Guiden a Scouten



# Formatioun 'Wardelescht STAP 2025'

| | |
|---|---|
| **Fir ween** | Chef, déi den 1. Zyklus vun der Formatioun ofgeschloss hunn |
| **Formateur(en)** | Anthon Christophe, Kemp Martine, Prim Fränk, Schmit Matthieu |
| **Wou** | Relais de l'Amitié LGS - Bilschdref |
| **Wéini** | **30. Aug 2025 09:30** bis **06. Sep 2025 15:00** |
| **Umeldung bis** | 06/08/2025 op https://chefbox.lgs.lu/formatioun/umellen/156/ |
| **Kategorie** | 2. Zyklus |
| **Typ** | Bësch, Diskussiounsronn, Dobannen, Dobaussen, Wiss |
| **Beschreiwung** | Well de STAP ausgebucht ass, hu mir eng Waardeléscht opgemaach. Dëst gëtt de Kandidaten d'Méiglechkeet nozëréckelen, falls sech een ofmeld, mee erlaabt et eis och, d'Demande fir d'Gruppen 2025/2026 kënnen anzeschätzen – am Hibléck op d'Plazen an d'Kapazitéit vum nächste STAP.<br><br>De STAP ("Stage d'Approfondissement Pédagogique") ass den "theoreteschen" Deel vum 2. Zyklus vun der Formatioun bei den LGS, fir eng Ernennung als Branchechef (Biberchef, Akela, Truppechef, Clanchef) an de Brevet Animateur C ze kréien.<br><br>Dëse Formatiounscamp ass fir all d'Branchen zesummen an dauert 8 Deeg / 7 Nuechten.<br><br>Konditioune fir de STAP matzemaachen :<br>- op d'mannst 18 Joer al sinn<br>- eng Ernennung als Assistent (den 1. Zyklus vun der Formatioun muss ofgeschloss sinn !)<br>- alternativ: de Brevet Animateur B bei enger anerer Organisatioun + Methodendag bei enger LGS-Branche |
| **Ziler** | Um Enn vun dëser Formatioun soll de Kandidat kënnen :<br><br>eng Branchenunitéit (Famill, Ruddel, Trupp, Clan) an eng Chefekipp leeden<br>e Camp (eng Aktivitéit vun 3 oder méi Nuechten) organiséieren a leeden. |
| **Inhalt** | Roll vum Branchechef<br>Féierungsstiler<br>Organisatioun vun engem Guiden- a Scoutscamp<br>Administratives (intern an extern)<br>Finanzielles (e Budget opstellen a geréieren)<br>Logistik (eng Campplaz ariichten)<br>Sécherheet, Präventioun, Assurancen, Abus sexuel<br>Psychologie vum Kand / Jugendlechen<br>Gruppendynamik<br>Konfliktpräventioun<br>Elterenaarbecht<br>Internationales (Camp am Ausland)<br>Ravi (en ausgeglachene Menu opstellen)<br>Branchemethoden |

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

| | |
|---|---|
| | Campliewen<br>Animatiounstechniken<br>Naturpädagogik<br>Spirituell Animatioun<br>Bilan vun enger Aktivitéit |
| **Präis & Bezuelen** | 250.00 € Am Viraus<br>Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen. |